Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 06/01/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Emwelt, Klima a nohalteg Entwécklung weiderzeleeden.

D'Ministèrë verbrauche fir hier Aarbecht Ressourcen a sinn z. B. och duerch Déngschtreesen un de lëtzebuergeschen CO2-Emissioune bedeelegt. Am Kader vun den nationalen Ustrengungen d'Emissioun vun Zäregasen ze reduzéieren, soll dofir mat engem Klimabudget den ekologesche Foussofdrock vun de Ministèrë méiglechst kleng gehale ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Huet d'Regierung eng Methodik, fir e Klimabudget pro Ministère ze berechnen? Falls jo, wéi genee gesäit dës aus a wéi grouss ass den ekologesche Foussofdrock vun den eenzele Ministèren a Verwaltungen?
   Falls nee, bis wéini plangt d'Regierung en Outil ze hunn, fir den annoncéierte Klimabudget pro Ministère opstellen an anhalen ze kënnen?

2. Wéi eng Experte goufen (oder ginn) fir d'Ausschaffe vun enger Methodik consultéiert?

3. Gëtt (oder gouf) beim Opstelle vum Klimabudget pro Ministère consideréiert, wat den ekologesche Foussofdrock am Joer 2005 war, fir esou e Repère ze hunn? Falls jo, wéi waren d'Zuelen deemools?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député